



NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

Alstad news

16/2013

Léif Frënn vum Comité Alstad!

Et geet erëm géint d'Enn vum Joer, an dat ass wéi all Joer den Ament, firlech ons nei Publikatiounen a Projetë virzestellen.

Onsen nächste Rendez-vous ass um Chrëschtmaart, wou mir de Weekend vum 23. bis de 25. November bei der Gëlle Fra e Stand hunn.

Dir fannt an dësem Bulletin d'Präsentatioun vun onsen neien Editiounen, an zwar dräi Saachen:

Eng schéi Reproduktioun vum Panorama vum Krautmaart, deen am Stater Musée hänkt, an och an onsem Jubiläumsbuch vum zejoer ze fannen ass. Dann erëm e Puzzle: dir kennt vläicht nach de Puzzle mat der Vue vun der Alstad vum Claude Esch, dee viru Joeren erauskoum. Abee, dëst Joer ass et, och aus onsem Buch, déi Vue vum Palais vum Carlo Hommel, déi um Deckel ass.

Schliesslech huet onse Frënd a Member Guy May eng Publikatioun iwwer d'Kulturgeschicht vun der Stad tëscht dem Wiener Kongress an dem 1. Weltkrich zesummegestallt, déi bei den Editions Schortgen an an der Kollektioun vum Comité Alstad erauskënnt.

Dir gesitt, et ass fir all Goût eppes do, a mir freeën ons elo schonn op Är Visite op onsem Stand.

Firlech all an Är Familljen, schéi Feierdeeg an e gutt neit Joer

Äre Comité Alstad

1. PUZZLE CONTEST 2014

SONNDEG, DEN 1. JUNI 2014

vun 14:00 – 18:00 Auer «Place Clairefontaine»

1. Präis : 300 € - 2. Präis : 200 € - 3. Präis : 100 €

an zesummenaarbecht mat den **EDITIONS SCHORTGEN**

mat der frëndlecher Ënnerstetzung **SPUERKEESS**

OPRUFF

Fotoe vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwer Är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoe vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturphotoe sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Eimaischen. Och si mir interesséiert u Fotoe vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoe vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Possessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoe vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat Är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllef kann oder weider Informatiounen brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 urufen. Fir Är Mathëllef elo schonn e ganz grouse Merci.

COMITÉ ALSTAD A.S.B.L.

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945 Boîte postale 1325

• L-1013 Luxembourg

Téléphone : (352) 46 61 88 • Fax : (352) 40 97 50 •

E-mail : comite.alstad@pt.lu • www.comitealstad.lu



Panorama « Krautmaart ëm 1650 ».

E Versuch vun enger Rekonstruktioun vum „Neie Maart“ ëm 1650 kann een an engem ronne Sall vum Stater Geschichtsmusée bewonneren. Dëse 17 Meter laange Panorama gouf am Joer 2006 réaliséiert vum Antoine Fontaine a sengem Assistent Frédéric Heurlier mat der Ënnerstëtzung vun den « Amis des Musées d'histoire et d'art Luxembourg ».

De Comité Alstad an Zesummenaarbecht mam Stater Geschichtsmusée kann iech elo e flotte Faksimilé vun dësem Panorama fir d'Feierdeeg vum Joeresenn ubidden.

Bestelle kann een de Panorama « Le Marché-aux-Herbes vers 1650 » beim Comité Alstad duerch Iwwerweisung vun 15,00 € op ee vun onse Konten:

Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

BGL-BNP Paribas: IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Panorama Krautmaart 1650)

De Faksimilé vum Panorama huet e Format vun 42,2 cm x 15,27 cm.

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Panorama vu Méindes, den 2. bis Freides, de 6. Dezember 2013 am Büro vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass (2. Stack) um Fëschmaart. Onse Büro ass all Dag op vun 09:00-13:00 Auer.

Fir weider Informatiounen si mir um Telefon 46 61 88 ëmmer fir lech do.

Luxembourg la vieille ville, Luxembourg die Altstadt

Fir onsen 75. Anniversaire de mer 2012 gefeiert hun huet d'Éditions Schortgen an zesummenaarbecht mam Comité Alstad en neit schéint Buch erausbruecht iwert ons Alstad. E Buch dat sech mat mat 33 Gebäier aus der Alstad ausernaansetzt, déi gréisstendeels am enke Perimeter vum Bock bis hin zum Grueff (rue du Fossé) leien.

Déi Promenade feert ons kräiz a quiersch durech d'Stroossen vun onser Alstad a get zu enger Zäitrees duerch déi verschidden Architekturstiler. Mir kucken ons d'Fassaden un, liesen op hinnen hir Geschicht of an léieren eppes iwert déi fréier Zäiten kennen. Mir entdecker waat sech an de Gebäier an de läschten puer honnert Joer zougedroen huet, wéi se sech am Laaf vun der Zäit verännert hun a wéi se genotzt goufen. Onsen Tour beschäftegt sech mat enger ganzer Partie privaten Häiser, verschiddenen historieschen Plaazen a setzt besonneg d'öffentlech Gebäier wéi de Palais, d'Chamber oder d'Museen an de Mëttelpunkt. D'Buch setzt sech zesummen aus Texter vun der Historikerin Isabelle Yegles-Becker an vum Claude Esch sengen lëtzebuergeschen Anektoten an ass mat zäitgenësseg Fotoen vum Carlo Hommel illustréiert, deen d'Gebäier aus enger ganz neier Perspektiv duerstellt.

Bestellen kann enn dat flott an interessant Buch Beim Comité Alstad duerch Iwwerweisung vun 44 € op en vun onsen Konten



Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

BGL-BNP Paribas: IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Buch : Alstad)

Buch huet Format vun 24 x 29 cm (italienscht Format), 173 Säiten mat villen Fotoën. E Buch dat a kenger gudder Bibliothék därfe feelen.

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelten Panorama vu Méindes den 2. – Freides 6. Dezember 2013 am Büro vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass (2. Stack) um Fëschmaart. Onse Büro ass all Dag op vun 09:00-13:00 Auer.

Kultur und Gesellschaft in der Bundesfestung und Stadt Luxemburg (1815-1914)

Dat ass den Titel vun enger neier Publikatioun, déi de Comité Alstad zesumme mam Verlag Schortgen demnächst eraus gëtt. Auteur ass de Guy May, Member vum Comité Alstad. D'Buch ass an däitscher Sprooch an huet 128 Säiten. D'Situatioun zu Lëtzebuerg nom Wiener Kongress, de Rôle vun der preisescher Garnisoun am kulturellen a gesellschaftleche Liewen, d'kulturell Veräiner, déi an deenen 100 Joer entstan sinn, awer och d'Musek an den Theater am Alldag, d'Molerei, d'Literatur an d'Geselligkeet, Lëtzebuerg, eng oppe Stad, sou sinn déi eenzel Kapiteln iwwerschriften. E leschten Deel geet iwwer Ee Land – dräi « Nationalhymnen ». D'Virwuert ass vum Jean-Mathias Goerens, President vum Comité Alstad.

D'Buch, am Format 170 x 235 mm, ass räich a flott illustriert. Et ass eng Publikatioun, déi d'Stater Leit an all Geschichtsfreier misst usprieche – en ideale Cadeau fir déi kommend Feierdeeg.

Bestelle kann een d'Buch « Kultur und Gesellschaft in der Bundesfestung und Stadt Luxemburg (1815-1914) » beim Comité Alstad duerch Iwwerweisung vun 29,50 € op een vun onse Konten:

bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

beim Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000

oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Buch vum Guy May)

Ofhuele kann een säi bestallten a bezuelte Buch vum Méindes, den 2. bis Freides, de 6. Dezember 2013 am Büro vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass (2. Stack) um Fëschmaart. Onse Büro ass all Dag op vun 09:00-13:00 Auer.

3,00 Porto kommen derbäi, wann d'Buch soll um Postwee bei Iech heem kommen.

Et fënnt een d'Buch och an all Bicherbuttek.



Onse Groussherzogleche Palais als Puzzle

Fir Grouss a Kleng huet de Comité Alstad an Zesummenaarbecht mat den Éditions Schortgen elo e flotte Puzzle vun onsem Groussherzogleche Palais eraus ginn. D'Foto fir de Puzzle ass vun onsem Member Carlo Hommel. Dem Puzzle läit awer och eng kuerz Beschreiwung a verschiddene Sproochen bäi, aus der Fieder vun onsem Member Isabelle Yegles.

Bestelle kann een de Puzzle vum Palais beim Comité Alstad duerch Iwwerweisung vun 19,00 € op een vun onse Konten:

bei der Spuerkees: IBAN LU64 0019 1755 0897 0000

beim Postscheck: IBAN LU02 1111 0080 8736 0000


oder bei der BGL-BNP Paribas:

IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Puzzle Palais)

De Puzzle besteet aus 1000 Stécker an huet e Format vun 48 cm x 68 cm.

Ofhuele kann een säi bestallten a bezuelte Puzzle vum Méindes, den 2. bis Freides de 6. Dezember 2013 am Büro vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass (2. Stack) um Fëschmaart. Onse Büro ass all Dag op vun 09:00-13:00 Auer.



Fir weider Informatiounen si mir um Telefon 46 61 88 ëmmer fir Iech do.

E flotten Zäitverdreif fir déi laang Wanterowenter, an emol en anere Kado fir Niklosdag oder fir déi kommend Feierdeeg vum Joeresenn.

Mir wëllen Iech awer och elo schonn drop opmierksam maachen, datt mir am Kader vun onsem « 7. Aulebäckermaart », Sonndesmëttes, den 1. Juli 2014 an der Waassergaass e grouse Puzzle-Concours organiséieren, wou jidderee ka matmaachen (Règlement a Konditiounen an dësen Alstad news). Sollt schlecht Wieder deen Dag sinn, (wat mer jo net hoffen), gëtt de Puzzle-Concours am Sëtz vum Comité Alstad op N°1 an der Logegaass ofgehal.

De Comité Alstad, d'Éimaichen an och Aneres (4)

Zesummegeallt vum Claude Esch

Lambert Schaus, de Georges Schmitt an déi ganz Equipe vun dem neien „Organisationscomité fir d'Éimaichen“ hate Recht. An deene leschte Joeren wor d'Éimaichen mat Erfolleg erëm nei opliewe gelooss ginn. De J. H. Wachthausen huet a sengem Gedichtband „Lëtzebuerger Loscht a Liewen“ (1903) déi ganz Idyll vun der Éimaiche beschriwwen, Eenzelnes ass dodra scho veraalt, mee deen ale Volleksbrauch ass am Fong deeselwechte bliwwen. Hei e klengen a flotten Deel aus

„LËTZEBUERGER LOSCHT A LIEWEN“.


*Pickvillercher, Tirelirecher, Lenfessecher, a Spridelcher,
Déi al ginn am Sturm ageholl,
Das alles sech gutt schossele konnt soll,
Gött och de Weihraach huerteg kaft,
Dan Harz a Ficelle ugeschaaft,
Den Deckel gründlech ënnersicht,
Ob hien sech och ganz sidlech licht,
An dann zuer allergueder Läscht
D'ganz „D'Stad gehéiereg verpescht.*

Da könnt d'Eertecken „D'Spötz fir d'E“ an do gouf ëtt wuel eng Ausaneransetzung töschent engem Léierjong an engem Tubaksdapp. An der Töschenzäit huet sech de Maart gefüllt: d'Eechergaass ass schon do, Paffendall, Gronn a Clausen sinn ënnerwe. Da gin wuel vill Taasen kaf mat Virnimm a Spréichelcher.

*Een keeft eng Taas mat „Heisse Liebe“
Ën anneren mat „Mit tiefem Triebe“
E véierten höllt „Ohne Reue“
E fönneften „Auf ewig dein“
E sechsten dann „Ach wärs du mein!“*

De Mett, deen nach nött esou kéing wor senger Léiwsten eng Liebeserklärung ze man, huet einfach eng Taas mat hierem Numm kaft. Ihen awer senger Auserwielen déi gedron huet, huet en sech an drei Wirtschaften Mut ugedronk. Awer dann am Paffendallerbiereg ass seschons déi éischten Kéier getrollt. A weéi ënn dunn beim Haus vun senger Léifsten ukomm wor, ass en esou gefall dass Taas a Schiebelen gong – An op der Éimaichen gött bis spéit an Nuecht musizéiert a gedantz bis déi Verléiften sech op den Hémwee gemach hun. - Esou weit den J. H. Wachthausen.

Vun engem Lëtzebuerger, deen nëmme franséisch geschwat huet, ass dat hei Gedicht, an dat soll och seng Plaz kréien:



EMMAÜS

*Lundi de Pâques – La foule, lente massive,
Vogue et vire en remous sur la place déclive.
C'est le jour d'Emmaüs
La fête des Elus.*

*Avec leurs toits légers et blancs comme des ailes,
Tout le long des maisons, en files parallèles,
Les éventaires montent et, jaloux, se coudoient
Geignant sous les fardeaux frivoles qui les noient....*

*Légions de coucous vêtus de terre cuite,
Cassolettes coassant des légendes sans suite,
Au clapotement des couvercles et des pots;
Les crécelles en voix, les ballons effarés,
Les tasses briguant les soucoupes sans défaut ;
Voici les flans dorés et les lisses saucisses,
Voici les berlingots qu'un doux soleil irise.*

*Frivoles et rêveurs, pillant les étalages,
Voici les amoureux qui échangent des gages,
-Aux filles une tasse, un coucou aux garçons-
Promesses et serments, ô fragiles rançons.
Et ces filles qui rient et se plient et jacassent,
Accouplant vingt fois les soucoupes et les tasses,
Et puis tous les grands gars baillent à pleine gorge
Au glouglou des coucous que leur salive engorge.-*